# FRÄIE MIKRO – BOB REUTER

DIFFUSIOUNSDATUM: 30/10/2025

## WAT ASS HUMANISMUS?

### USO (MAX. 400 ZEECHEN)

Humanismus gëtt heiansdo als *feel-good* Begrëff benotzt – eppes, wat gutt kléngt a sympathesch wierkt, ouni datt een onbedéngt vill driwwer nogeduecht huet. Mee hannert deem Wuert verstoppt sech eng déif Traditioun vum Denken a vum Handelen, déi derwäert ass, méi grëndlech erfuerscht ze ginn. Am Fräie Mikro vun haut invitéiert de Bob Reuter, President vun AHA Lëtzebuerg, iech doriwwer nozedenken.

### TEXT (430 WIERDER – MAX 2:30)

Ech hu mech an de leschte Méint dacks gefrot, wat d'Leit hei zu Lëtzebuerg eigentlech mengen, wann si d'Wuert Humanismus héieren oder benotzen. Et fält ëmmer méi dacks an ëffentleche Gespréicher – mee jidderee schéngt e bëssen eppes anescht domat ze verbannen.

Ech kann a wëll meng eegen Definitioun net imposéieren, mee ech wéilt iech haut alueden, fir driwwer nozedenken, wat Humanismus fir iech bedeit.

An deem Kontext ass mir e Buch an d'Hänn gefall, dat dës Invitatioun op eng schéin Aart ausdréckt: *Humanism: Five Values for Living Well* vum David McLaughlin.

Hien invitéiert eis, d'Kärwäerter vum Humanismus nei z'entdecken – a vläicht doranner eppes ze fannen, dat mat eise perséinleche Wäerter an eiser Liewenshaltung iwwereneestëmmt.

Hie seet, et wier elo eng gutt Zäit fir esou eng Invitatioun. Well ëmmer méi Leit näischt méi mat Relioun ufänke kéinten oder schonn ouni Glawen opgewuess wären – a sech vläicht nach ni d'Fro gestallt hätten, op wéi enge Wäerter si hiert Liewen am Alldag opbauen. Vläicht ass et grad do, wou de Humanismus seng Plaz fënnt. Humanismus ass kee fixe Glaawenssystem, mee eng Astellung zum Liewen – eng Invitatioun, d'Welt duerch de Bräll vun eiser eegener Mënschlechkeet ze gesinn.

De McLaughlin schwätzt hei vun fënnef Wäerter, déi fir hien zentral sinn am Humanismus: Sënn, Dignitéit, Vernonft, Matgefill a Gerechtegkeet.

**Sënn** – well mir Mënschen d'Fäegkeet hunn, eisem Liewen eng Bedeitung ze ginn, ouni ze waarden, datt en vum Himmel fält.

**Dignitéit** – well all Mënsch eegenen Wäert huet, onofhängeg dovun, wat en mécht oder wéi en denkt. D'Dignitéit vum aneren ze respektéieren, heescht och, déi eegen eescht ze huelen.

**Vernonft** – well Denken eng Form vu Verantwortung ass. Et verlaangt Courage, sech un d'Fakten ze halen, och wann d'Wourecht heiansdo onangeneem ass.

**Matgefill** – well et net duer geet, d'Leed vun aneren ze gesinn; et geet drëm, et eescht ze huelen an ze handelen, och wann hiert Leed eis net direkt betrëfft.

**Gerechtegkeet** – well keen eleng fräi ka sinn. Eis Fräiheet an e gutt a gelongent Liewen hänken dovun of, wéi mir eis fir Fairness a Gläichberechtegung asetzen.

Humanismus bedeit also net blann ze gleewen, mee selwer nozedenken. Net sech ofzekapselen, mee op anerer zouzegoen – mat oppenem Geescht a Matgefill. Et ass d'Iwwerzeegung, datt

d'Bedeitung vum Liewen net vum Himmel fält, mee datt mir se zesumme gestalten – duerch dat, wat mir denken, fillen a maachen.

A vläicht ass elo effektiv déi richteg Zäit, fir iwwer dës Wäerter nozedenken. Net fir sech e Label ze ginn, mee fir erauszefannen, ob een sech an hinnen erëmfënnt. Net fir eng Ersatzrelioun ze fannen, mee fir sech verbonnen ze fille mat enger existéierender Traditioun.